

↑ **INFO:** Duerch dës Lächer gëtt d'Bâche un d'Barrière fixéiert. Déi wichteg Deeler vun dengem Bild sollen am Beschten net ze no un dës Lächer sinn. / Par ces trous, la bâche sera fixée à la barrière. De préférence, les éléments importants de ton œuvre ne doivent pas se situer trop proche des ces trous. ↑



## Eise grouse Molconcours fir **d'Schoulrentrée 2021/2022:** *Notre grand concours de dessin pour la rentrée scolaire 2021/2022:*


### **«Mir fonkelen am Donkelen» / «On scintille dans la nuit»**


D'Gemeng Reckeng op der Mess an d'Verkéierskommissioun lueden dech an, un hirem grouse Molconcours fir d'Schoulrentrée 2021/2022 deelzehuelen. Wann no der grousser Vakanz d'Schoul nees ugeet, sinn net nëmmen erëm méi Kanner op der Strooss, mee wéinst dem Hiescht gëtt et och méi spéit hell a méi séier däischter. Virun allem sollen d'Autosfuerer gutt op der Strooss oppassen. Mee et ass och wichteg dass du gutt siichtbar bass fir d'Autosfuerer. Zesumme kënnen mir eis fir méi Sécherheet op eise Stroossen asetzen. Mir wëllen am September 2021 grouss Schëlde an d'Uertschaftsagäng stellen, mat deene mir d'Automobilisten op dech opmierksam maachen.

**Mol eis an den iewechten Deel vun dësem Blat e schéint Bild zum Thema «Mir fonkelen am Donkelen».** Looss denger Kreativitéit fräie Laf: Bläistëftsfaarwen, Tusch, Waasserfaarw, Aquarell oder Collagen ... alles ass erlaabt, haaptsaach däi Wierk ass flaach, sou dass mir et propper ascannen a méi grouss maache kënnen. Falls du en neit Blat bräuchst, kanns du dir jidderzäit eent bei eis op d'Gemeng siche kommen.

Aus deene schéinste Biller maache mir grouss Plakater, déi mir am September an eis Dierfer hänken.  
All zousätzlech Informatioun fënns du op der Récksäit vun dësem Blat.

**Vill Spaass a vill Gléck!**

  
Carlo MULLER  
Buergermeeschter vu  
Reckeng op der Mess

  
Marc LUDWIG  
Präsident vun der  
Verkéierskommissioun

*La commune de Reckange-sur-Mess et la commission de la circulation t'invitent à participer à leur grand concours de dessin pour la rentrée scolaire 2021/2022. Quand l'école reprendra en automn, il y aura non seulement plus d'enfants dans les rues, mais il fera aussi jour moins longtemps et plus rapidement nuit. Nous appelons avant tout à la vigilance des automobilistes. Mais il est également très important que tu sois bien visible pour les automobilistes. Ensemble, nous pouvons nous engager pour plus de sécurité sur nos routes. En septembre 2021, nous voulons installer de grands panneaux dans les entrées de nos localités, qui rendront les conducteurs attentifs à ta présence.*

**Dans la partie supérieure de cette feuille, dessine-nous une belle image sur le thème «On scintille dans la nuit».** Laisse libre cours à ta créativité: crayons de couleurs, feutres, couleurs à eau, aquarelle ou collages ... tout est permis! Il est important que ton œuvre soit bien plate, ce qui nous permettra de la scanner et de l'agrandir proprement. Si jamais tu avais besoin d'une nouvelle feuille, n'hésites pas à venir t'en procurer à la commune.

*Nous agrandirons les plus belles images pour en faire de grandes affiches, que nous installerons dans nos villages dès septembre 2021. Tu trouveras toutes les informations supplémentaires sur le verso de cette feuille.*

**Bon amusement et bonne chance!**

  
Carlo MULLER  
Bourgmestre de  
Reckange-sur-Mess

  
Marc LUDWIG  
Président de la  
commission de la circulation

Familljenumm / Nom: .....

Strooss / Rue: .....

E-Mail: .....

Virnumm / Prénom: .....

Postleitzuel / Code Postal: .....

Tel.: .....

Gebuertsdatum / Date de naissance: .....

Uertschaft / Localité: .....

## Molconcours «Mir fonkelen am Donkelen»

### D'Spillregelen

#### Art. 1: Bedingunge fir matzemaachen

- De Concours went sech un all d'Kanner vun 9 bis 12 Joer aus der Gemeng Reckeng op der Mess an/oder aus der Primärschoul Kleeseberg. Dëst Dokument kënnt dir iech an der Receptioun vun der Gemeng Reckeng op der Mess zouleeën.
- De Concours leeft bis de 15. Juli 2021 inclus.
- D'Wierker mussen spéitstens bis de 15. Juli 2021 an der Receptioun vun der Gemeng Reckeng op der Mess ofgi ginn. (d'Adress fannt dir hei ënnendréiner) **Faalt Äert Wierk w.e.g. net.**
- D'Wierker müssen innerhalb vum Gabarit realiséiert ginn, deen op der viischter Säit vun dësem Dokument virgesinn ass.
- All méiglech Technike sinn erlaabt (Aquarell, Gouache, Bläistëftsfaarwen, Acryl, Collagen, etc.). D'Bild ka faarweg oder schwaarz-wäiss sinn.
- Et dierfe keng Stroosseschëlde aus dem Code de la Route ofgebild ginn.**
- Déi perséinlech Informatiounen hei driwwer mussen vollstänneg sinn. Mir schléissen déi Wierker aus, bei deenen eng vollstänneg Identifikatioun vum Kënschtler net méiglech ass.
- D'Informatiounen iwwert de Kënschtler müssen der Wouerecht entsprechen. Wann dëst net de Fall ass, hunn d'Organisateuren d'Recht, de Kënschtler vum Concours auszuschléissen. Nëmme de Kënschtler ass verantwortlech fir d'Genauegkeet vun de vermëttelten Informatiounen.
- Et ass nëmme eng Participatioun pro Persoun erlaabt.
- D'Familljemembere vum Organisationscomité a vum Jury dierfen net un dësem Concours deelhuele.
- D'Deelhuele un dësem Concours verflucht de Kënschtler a kengster Weis zu der Souscriptioun vun anere Servicer.

#### Art. 2: D'Präisser

- Déi schéinste Wierker ginn op grouss Bâchë gedréckt an an d'Agäng vun den Uertschafte vu Reckeng op der Mess installéiert, **am Kader vun der Schoulreintree 2021/2022.**
- D'Gewënner ginn unhand vu folgende Critèren definéiert: Kreativitéit, kënschtlersch Qualitéit an Emsetzung vum Thema.

#### Art. 3: De Jury

- De Jury setzt sech aus dem Schäfferot vun der Gemeng Reckeng op der Mess an enger Selektioun u Membere vun der Verkéierskommissioun zesummen.
- De Jury ass souverän. Et gi keng Reklamatiounen ugeholl. D'Gewënner gi per E-Mail benoriichtegt.

#### Eegentum vun de Wierker

All d'Wierker, déi bei eis hannerluecht ginn, bleiwen den Eegentum vu sengem Kënschtler an de Kënschtler kritt dës zeréck, soubal de Concours ofgeschloss ass. D'Gemeng Reckeng op der Mess huet allerdéngs d'Recht iwwert all Support dës Wierker fir promotionnell Zwecker ze publizéieren, ze representéieren an ze diffuséieren.

#### Traitement vu perséinlechen Donnéeën

Déi perséinlech Donnéeë gi vum Personal vun der Gemeng Reckeng op der Mess am Kader vum Concours traitéiert. D'Donnéeë vum Participant gi soulaang versuergt, wéi et fir de Concours néideg ass. Dës Period wäert net méi laang sinn ewéi ee Joer nom Ofschloss vum Concours.

## Concours de dessin «On scintille dans la nuit»

### Les règles du jeu

#### Art. 1: Conditions de participation

- Le concours s'adresse à tous les enfants âgés de 9 à 12 ans, résidants dans la commune de Reckange-sur-Mess et/ou fréquentant l'école fondamentale Kleeseberg. Ce document est disponible à la réception de l'administration communale.
- Le concours a lieu jusqu'au 15 juillet 2021 inclus.
- Les œuvres doivent donc être remises le 15 juillet 2021 au plus tard à la réception de l'administration communale de Reckange-sur-Mess, située à l'adresse ci-dessous. **Veillez ne pas plier l'œuvre.**
- Les œuvres doivent être réalisées à l'intérieur du gabarit prévu à cet effet, sur le recto de ce document.
- Toutes les techniques sont autorisées (aquarelles, gouache, crayons couleurs, couleurs acryliques, collages, etc.). Le dessin peut être réalisé en noir et blanc ou en couleurs.
- Il est interdit d'y représenter des panneaux de signalisation issus du code de la route.**
- Les informations personnelles ci-dessus doivent être complètes. Seront considérées comme nulles les œuvres ne permettant pas d'identifier et de contacter le participant.
- Les renseignements relatifs au participant doivent correspondre à la réalité. Dans le cas contraire, les organisateurs se réservent le droit de l'exclure du jeu-concours. Seul le participant est responsable de l'exactitude des données fournies.
- Une seule participation par personne est autorisée.
- Les membres de la famille du comité d'organisation et du jury ne sont pas autorisés à participer.
- La participation au concours ne comporte pour le participant aucune obligation de souscription à un service.

#### Art. 2: Les gains

- Les plus belles œuvres seront imprimées sur de grandes bâches qui seront installées dans les entrées en localité de la commune de Reckange-sur-Mess **dans le cadre de la rentrée scolaire 2021/2022.**
- Les lauréats seront définis en fonction des critères suivants: créativité, qualité artistique et la réalisation du thème.

#### Art. 3: Le Jury

- Le jury se compose du collège échevinal de la commune de Reckange-sur-Mess et d'une sélection de membres de la commission de la circulation.
- Le jury est souverain. Aucune réclamation ne sera admise. Les gagnants seront prévenus par e-mail.

#### Propriété des œuvres

Toutes les œuvres déposées resteront la propriété de son créateur et seront retournées à leur propriétaire respectif une fois le concours terminé. Toutefois, l'administration communale se réserve le droit de publier, représenter ou diffuser, quel que soit le support utilisé, les œuvres à des fins promotionnelles.

#### Traitement des données personnelles

Les données personnelles seront traitées par le personnel de la commune de Reckange-sur-Mess dans le cadre du concours. Les données des participants sont conservées pendant la durée nécessaire au concours. Cette période ne pourra excéder 1 an à compter de la date de fin des jeux et concours.